

Question parlementaire n°4856

Tournage d'un clip vidéo avec une machette dans l'enceinte d'une école à Differdange

Déposée par Weiler Charles, Marques Ricardo

Date limite de réponse : 2026-10-31

Déclarée recevable le 2026-10-01

Här President Lëtzebuerg, Claude der vun 1. Oktober Wiseler Chamber 2026

Här President,
Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an un den Här Inneminister weiderzeleeden.

Laut rezente Presseberichter ass e Museksvideo deelweis um Terrain vun enger Grondschoul zu Déifferdeng gedréint ginn. An deem Video soll ënner anerem eng Persoun mat enger Machete um Schoulterrain ze gesi sinn. Dës Biller hunn an der Ëffentlechkeet fir Opreegung gesuergt a werfen eng Rei Froen betreffend der gewaltsamer Notzung vu Schoulinfrastrukturen ausserhalb vun de reguläre Schoulzäiten op.

Schoulen a Schoulhäff si Plazen, déi an éischter Linn dem Unterrecht, der Betreierung an dem Wuelbefanne vun de Kanner déngen. Och ausserhalb vun de Schoulzäiten ass et dofir wichteg, datt den Zougang zu dësen Infrastrukturen, hir Notzung duerch Drëttpersounen an d'Organisatioun vu privaten oder kommerziellen Aktivitéiten kloer gereegelt sinn. Dat gëllt ëmsou méi, wann am Kader vun esou Aktivitéiten Géigestänn oder Zeenen zum Asaz kommen, déi als geféierlech oder aschüchterent kënne wouergeholl ginn.

De konkrete Fall stellt domat net nëmmen d'Fro no enger méiglecher Autorisatioun fir den Dréi, mee och no de Kontrollen an de Sécherheetsbestëmmungen, déi bei der Notzung vun engem Schoulterrain duerch extern Persounen gëllen.

An deem Kontext wollte mir folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an den Här Inneminister stellen:

• Sinn d'Ministeren iwwert d'Ëmstänn informéiert, ënner deenen dës Videodrëi um Terrain vun enger Grondschoul zu Déifferdeng konnt stattfannen, a gouf dofir am Virfeld eng offiziell Autorisatioun ausgestellt?

- Wéi eng Reegelen a Prozedure gëlle fir den Zougang zu an d'Notzung vu Schoulgebaier a Schoulhäff ausserhalb vun de reguläre Schoulzäiten, besonnesch am Kader vu privaten Dréiaarbechten oder aneren Aktivitéiten?
- Wéi eng Sécherheetsvirschrëfte gëlle bei esou Aktivitéiten, besonnesch wat d'Matbréngen oder d'Benotze vu Waffnen oder geféierleche Géigestänn op engem Schoulterrain ugeet?
- Gouf oder gëtt an dësem konkrete Fall gepréift, ob déi geltend Reegelen am Beräich vum Zougang, vun der Sécherheet an eventuell vum Ëmgang mat der am Video gewisener Machete agehale goufen?
- Gesinn d'Ministeren Handlungsbedarf, fir zesumme mat de Gemengen d'Reegelen an d'Kontrollen am Zesammenhang mat der Benotzung vu Schoulinfrastrukturen ausserhalb vun de Schoulzäiten ze präziséieren oder ze harmoniséieren?

Här President, bieden mir Iech, eisen déifste Respekt unzuhuelen.

Ricardo
Députéiert

Marques

Charles

Weiler



Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch an der Justizministesch, Elisabeth Margue op d'parlamentaresch Fro N° 4856 vum 1. Oktober 2026 vum honorabelen Deputéierten Ricardo Marques an vum honorabelen Deputéierten Charles Weiler zum Sujet "Tournage d'un clip vidéo avec une machette dans l'enceinte d'une école à Differdange".

- 1. Sinn d'Ministeren iwwert d'Ëmstänn informéiert, ënner deenen dëse Videodréi um Terrain vun enger Grondschoul zu Déifferdeng konnt stattfannen, a gouf dofir am Virfeld eng offiziell Autorisatioun ausgestallt?**

De Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend huet an senger Äntwert op déi parlamentaresch Ufro n° 1369 geäntwert dass, laut Gesetz, d'Gemengen fir d'Schoulgebaier zoustänneg sinn. De Prinzip vun der Autonomie communale déi d'Gemengen am Kader vum Gesetz ausüben spillt och an dësem Fall.

- 2. Wéi eng Reegelen a Prozedure gëlle fir den Zougang zu an d'Notzung vu Schoulgebaier a Schoulhäff ausserhalb vun de reguläre Schoulzäiten, besonnesch am Kader vu privaten Dréiaarbechten oder aneren Aktivitéiten?**

Et sief op d'Äntwert op d'Fro 1 verweisen.

Den Zougang zu de Schoulgebaier an zu de Schoulhäff kann vum Gemengerot entweder am allgemenge Polizeireglement oder an engem spezielle Polizeireglement betreffend d'Schoulgebaier a Schoulhäff festgeluecht ginn.

- 3. Wéi eng Sécherheitsvirschrëfte gëlle bei esou Aktivitéiten, besonnesch wat d'Matbréngen oder d'Benotze vu Waffen oder geféierleche Géigestänn op engem Schoulterrain ugeet?**

Et sief nach eng Kéier op d'Äntwert op d'Fro 1 verweisen.

Wat spezifesch den Transport an d'Benotze vu Waffen am zivile Beräich ugeet, ënnerleien dës ganz allgemeng de Reegelen aus dem Waffegesetz vum 2. Februar 2022. Dobäi sinn déi verschidde Waffekategorien ze berécksiichtegen.

- 4. Gouf oder gëtt an dësem konkrete Fall gepréift, ob déi geltend Reegelen am Beräich vum Zougang, vun der Sécherheet an eventuell vum Ëmgang mat der am Video gewisener Machete agehale goufen?**

Et sief op d'Äntwert op d'Fro 1 verweisen.

- 5. Gesinn d'Ministeren Handlungsbedarf, fir zesumme mat de Gemengen d'Reegelen an d'Kontrollen am Zesummenhang mat der Benotzung vu Schoulinfrastrukturen ausserhalb vun de Schoulzäiten ze präziséieren oder ze harmoniséieren?**



Et sief op d'Äntwert op d'Fro 1 verweisen a ze bemierken, datt d'Festleeë vu Reegelen am Kader vun der Benotzung vu Schoulinfrastrukturen ënnert d'Autonomie communale falen.

Lëtzebuerg, den 23. Oktober 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN